PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

Mam d'Gesetz vum 14te Juli 2015 ass d'Veterinärsinspektioun an d'Liewe geruff ginn. Dës Verwaltung huet als Missioun, ze kontrolléieren, dass déi bestoend Gesetzer iwwert den Ëmgang mat Hausdéieren, Notzdéieren an och Déiereprodukten agehale ginn. D'Aufgabefeld vun der Veterinärsverwaltung ass deementspriechend grouss an d'Erausfuerderungen am Alldag oft ganz verschidden.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi huet sech de Personalbestand bei der Veterinärsinspektioun säit der Grënnung entwéckelt?

2. Wéi vill Verstéiss goufen säit hierer Grënnung vun der Veterinärsinspektioun festgestallt? Wat waren déi gängegste Verstéiss?

3. Wéi vill Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz vun 2018 goufen an deene jeeweils leschten 2 Joer festgestallt? Wat waren déi gängegste Verstéiss?

4. Wéi sinn d'Kontrolle bei der Veterinärsinspektioun organiséiert? Waart d'Veterinärsinspektioun bis se op ee Fall opmierksam gemaach gëtt oder fueren d'Beamte systematesch op eegen Initiativ eraus? Wéi vill Aarbechtsstonne goufen an de leschte 5 Joer mat Kontrollen um Terrain verbruecht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député